N°2913
Entrée le 22.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.09.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/09/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

D'Qualitéit vun der legislativer Aarbecht an d'Effizienz vum Gesetzesprozess sinn zentral Elementer vun enger funktionéierender Demokratie. An dësem Kontext spillt d'personell Ausstattung vun de Ministèren, besonnesch wat d'Ausschaffe vu legislativen Texter ugeet, eng decisive Roll.

Et ass awer festzestellen, datt de Staatsrot reegelméisseg seng Onzefriddenheet iwwert d'Qualitéit vun de Projeten de loi zum Ausdrock bréngt, déi him fir Avis ënnerbreet ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Fonctionnaire oder Employéeë, déi legislativ Texter ausschaffen, schaffen op de verschiddene Ministèren, opgeschlësselt no Ministère?

2. Opgeschlësselt no Ministère, wéi vill vun dëse Fonctionnaire oder Employéeë schaffen a Vollzäit respektiv an Deelzäit?

3. Opgeschlësselt no Ministère, wéi vill ETP (Employé Équivalent Temps Plein) mécht dat aus?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

4. Wéi war d'Evolutioun respektiv d'Fluctuatioun vun der Unzuel vun dëse Mataarbechter, opgeschlësselt no Ministère?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés